PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/03/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.

D'Kinnéksfamiljen an der Belsch souwéi an Holland hunn decidéiert, fir ukrainesch Flüchtlingen a verschiddene vun hire Gebaier opzehuelen. Aktuell befannen sech zu Lëtzebuerg ronn 3000 Mënschen aus der Ukrain, zousätzlech zu de Flüchtlingen, déi aus anere Regioune schonn hei am Land sinn. All Plaz, déi een hei am Land kann ubidden, ass wichteg.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet de Minister Kenntnis dovun, dass och d'groussherzoglech Famill plangt, verschidde vun hire Gebaier fir Flüchtlinge bereetzestellen?

2. Wäert de Premierminister mat der groussherzoglech Famill kucken, ob Raimlechkeeten, déi de Grand-Duc vum Staat fir seng Funktiounen zur Verfügung gestallt kritt, kéinte fir Flüchtlingen opgemaach ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député